



Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°6516 vum 21. Juli 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här Max Hahn an Här Claude Lamberty iwwert „Promotion des énergie renouvelables“

1. Wat war iwwer déi lescht fënnef Joer déi duerchschnëttlech Dauer vun de Geneemegungsprozedure fir eng Wandanlag?

Ech verweisen hei op d'Äntwert op d'parlamentarescher Fro n°6412 vum éierewäerten Députéierten Jean-Paul Schaaf.

2. Wéi wëll d'Regierung d'Prozedure beschleunegen, fir dass méi séier méi Wandanlage gebaut kënnen ginn?

D'Ministere sinn a reegelméissegem a gudden Echange mat anere Ministèren a Verwaltungen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen. De Plang REPowerEU, deen déi europäesch Kommissioun den 18. Mee 2022 virgestallt huet, an deen, ënnert anerem, ee méi séieren Ausbau vun den erneierbaren Energië virgesäit, beinhalt ebenfalls Recommandatioune fir d'Geneemegungsprozeduren ze vereinfachen an ze beschleunegen.

Konkret Texter ginn am Moment grad zu Bréssel diskutéiert an den Energieminister kuckt da mat deenen anere Regierungskolleege fir déi Mesuren sou schnell wéi méiglech hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen.

3. Ginn et Estimatioune vu Säite vum Energieministère, wéi grouss de Potenzial zu Lëtzebuerg ass, fir weider Wandanlagen ze bauen?

Laut dem Rapport vum ILR *“chiffres clés du marché de l'électricité - 2021”* vum 16. Juni 2022 waren am Joer 2021 62 Wandanlagen a Betrib an hunn 314 GWh Strom produzéiert.

Laut Informatiounen vun der Soler solle bis Enn des Jores op 4 verschidde Sitten nach 7 Wandanlagen un d'Netz goen. Op 3 vun deene 4 Sitten, ginn al Anlagen ersat. Am Ganze sollen 13 Wandanlagen ofgebaut ginn. Déi nei Wandanlagen hunn eng méi héich Leeschtung, sou dass insgesamt eng 10 MW installéiert Leeschtung, ënnert dem Stréch, dobäikommen. Bis Enn 2023 sinn dann nach eng 10 Wandanlage geplangt. Fir 2024 sinn 8 Projete mat 23 Wandanlagen a fir 2025 si 6 Projete mat 17 Wandanlage geplangt. Weider Wandparke vu méi klengen Entwéckler kënnen och nach dobäi kommen.

Alles an Allem ass d'Potenzial gi fir d'Ziler vum nationalen Energie- a Klimaplang ze erreechen, dee fir 2030 eng Produktioun vu 674 GWh virgesäit. Dëst Ziel gëtt opgrond vum gudden Tempo beim Ausbau schons 2025 erreecht.

4. Wéi vill méi al Wandanlage sollen an den nächste Joer duerch méi nei Modeller ersat ginn? Wéi vill Energie kéint doduerch zousätzlech produzéiert ginn?

Fir den Ament ass e *“Repowering”* am Burer Bierg (Gemeng Rouspert-Mompesch) virgesinn, deen an de nächsten 3 bis 5 Joer soll ofgeschloss ginn. Hei sollen 1 oder 2 nei Anlagen, 4 al Anlagen ersetzen.

Generell kann ee soen, dass mat der Hallschent vun den Anlagen dat duebelt ka produzéiert ginn. En anere *“Repowering”* ass zu Derenbach wou 3 Wandmille vun 2 verschidde Gesellschaften duerch 3



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

neier an 2 verschidde Projete sollen ersat ginn. Bei dësen 2 Projeten huet de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung decidéiert, dass d'Ausschaffe vun engem EIE-Bericht net noutwenneg ass, esou dass dës Projeten elo direkt an d'Geneemegungsprozedur goe kéinten.

Lëtzebuerg, den 28. September 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung